adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# de Pefferkär

September 2016

# Fir datt d'Kierch am Duerf bleift!

**Lëtzebuergesch!**

Eng Petitioun schléit all Rekorder: Dausende vu Bierger ënnerschreiwen, fir datt d'Lëtzebuerger Sprooch soll déi éischt Amtssprooch vum Land ginn. D'ADR setzt sech, oft als déi eenzeg Partei, zanter Joren dofir an, datt d'Lëtzebuerger Sprooch, déi néideg Unerkennung fënnt. Och als Integratiounsfaktor!

---

ausschneiden an un d'ADR schécken:
22, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg

**Gitt Member an der ADR!**

Joresbäitrag: 14 €, 20 € (Stot),
5 € (Schüler, Student )

**Numm, Virnumm**

.....

**Adress:**

.....

.....

**Telefon:**

.....

**Email:**

.....

D'Kierche stinn am Mëttelpunkt vun eise Stied an Dierfer. Fir vill Bierger ass et eng Freed, a méi ewéi eng Traditioun, fir an der Kierch gedeeft a bestuet ze ginn. Meeschtens gëtt och an der Kierch de leschten Äddi gesot.

D'Kierche si wäertvoll kulturhistoresch Gebaier, a verschiddenen Uertschafte muenchmol dat eenzegt .

200 Joer laang huet en Dekret vum Napoléon d'Relatioun tëschent Gemeng a Kierchefabrick gereegelt. Dëse System huet gutt funktionéiert a mir kënnen haut houfreg dorop sinn, datt eis Kierche gréisstendeels schéin an an engem gudde baulechen Zoustand sinn. Dofir muss een och de ganz ville benevole Mataarbechter Merci soen, déi sech als Member vun der Kierchefabrick permanent dofir agesat hunn, datt d'Kierch am Duerf bliwwen ass.

Wéisou muss dëst elo op d'Kopp gehäit ginn? Sécher net, well déi eng oder aner Gemeng fir den „Defizit" vun der Kierchefabrick huet missen opkommen! Och d'ADR ass sech bewosst, datt d'Relatiounen tëschent dem Staat an de reliéise Communautéiten, mussen der Zäit ugepasst ginn. D'ADR huet dozou ganz konkret Virschléi gemaach. Jiddweree kann se am Walprogramm vun 2013 noliesen, am Kapitel „Staat a Relioun am Respekt matenaner".

Leider feelt et der Gambia-Regierung um Respekt vis-à-vis vun de Reliounen. Et gëtt

Photo : Angie Kleeblatt

een den Androck net lass, datt de Manktem u Respekt besonnesch der chrëschtlecher Relioun gëllt. Iwwer de Wee vun der véierter Fro vum Referendum (Sidd Dir mat der Iddi averstanen, datt de Staat net méi d'Verflichtung huet, d'Paien an d'Pensioune vun de Geeschtlechen a Laienhelfer vun den unerkannte Glawensgemeinschaften ze iwwerhuelen?) ass Drock op de Bistum ausgeüübt ginn. Et ass Hals iwwer Kapp en Accord ausgeschafft ginn, an deem d'Kierchefabricken de schwaarze Péiter zougeschoustert kruten!

Och wann net all Propriétéitsverhältnis kloer ass, esou ass et dach rechtlech ganz bedenklech wann, ruckzuck, reliéis Gebaier mussen tëschent engem „Fong" an de Gemengen opgedeelt ginn. Onverständlech ass et, datt eng Gemeng, sollt d'Kierch dem Fong gehéieren, per Gesetz verbuede kritt, z.B. bei gréissere Reparaturaarbechte mat engem Subsid ze hëllefen. Et geet ëm vill méi, ewéi nëmmen der Autonomie vun de Gemengen.

D'ADR wäert sech an der Chamber mat Nodrock dofir asetzen, datt de Gesetzprojet am Sënn vum SYFEL esou geännert gëtt, datt d'Kierchefabricken zwar reforméiert a regruppéiert, awer net ofgeschaaft ginn, a weider eng gewëss Autonomie behalen, fir hir eegen Affären ze geréieren, wéi dat bis elo de Fall war. Dat schléisst och an, datt eng finanziell Solidaritéit tëschent de Kierchefabricke spille kann a soll.